



Här Luc FRIEDEN  
2, place de Clairefontaine  
L-1341 Luxembourg

## Oppene Bréif als Reaktioun op den Neijoerschinterview bei RTL

Här Premierminister,

Mat grousem Interessi hu mir Ären Neijoerschinterview bei RTL gelauschtert. Mir gi gärén zou: mir hunn eis net alt ze vill erwaart. Ma mir hunn dunn awer net schlecht gestaunt, dass Dir an deem Interview d’Klimakris verharmloost a relativéiert hutt. Dass dat dach alles awer net sou schlëmm wier an dass een d’Urgence vum Klimawandel méi positiv misst gesinn. Ganz niewebäi hutt Dir och nach fossil Energien an Atomenergie schéi geschwat.

Dir hutt an deem Interview och behaupt, et misst een op nei Technologien hoffen, fir d’Klimakris ze léisen. Als jonk gréng si mir iwwerrascht iwwert esou Aussoen, den IPCC (Weltklimarot) seet dozou: „There are multiple, feasible and effective options to reduce greenhouse gas emissions and adapt to human-caused climate change, and they are available now.”

Ma wann dir net op äiskal wëssenschaftlech Fakte lauschtert, da lauschtert wéinstens op eise Grand-Duc, deen a senger Chrëschttdagsusprooch gesot huet datt d’Technologien eis wäerte viru bréngen, mee datt awer och all eenzele säi Bäitrag leeschte muss, fir dass déi nächst Generatiounen am Friden an an Dignitéit op eisem Planéit liewe kënnen ! 3 mol Vive!

Ma falls de Grand-Duc lech net iwwerzeegt kritt, vläicht hëllefén awer e puer äiskal oder besser gesot dinn lech wotlech waarm Fakte vum Weltklimarot schmélzen. De Weltklimarot huet 2023 säin 6ten Synthesis Report erausbruecht, an deem d’Aarbechte vu verschiddenen Aarbechtsgruppen, wéi och spezial Rapporten, agefloss sinn.

Mir schécken lech heibäi de Resumé vum wëssenschaftleche Rapport fir “policy makers” (esou wéi Dir jo elo nees ee sidd... leider), do ginn d’Kärmessagé fir Politiker\*innen zesummegefasst.

Falls och dat net hëlleft, da frot mol Äre Parteikolleeg Serge Wilmes fir och sou e grénge Notizblock ze kréien, da gitt Dir vläicht och “nach mi gréng” wéi déi gréng (an zitéiert och niewebäi Mesuren aus dem grénge Walprogramm als eegen „nei“ Iddien).

Egal wéi: Déi jonk gréng stinn dozou, dass wëssenschaftlech onwiderleebar Fakten an der Politik méi wichteg sinn, wéi Är Gefiller an onwëssenschaftlech Aussoen zur Klimakris.

Mat klimafrëndleche Gréiss,

déli jonk gréng

**Unhang:** Intergovernmental Panel on Climate Change – Climate Change 2023 Synthesis Report – Summary for Policymakers